



**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6881 vum 22. September 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.**

De 19. an den 20. September 2022 ass effektiv d'Faart vum Zuch IC 15305 tëschent Ettelbréck an der Stad ausgefall. Dës Ausfall waren awer weder op infrastrukturell Problemer am Zesammenhang mam Äerdrutsch am Tunnel Schieburg, nach op Problemer beim Material zeréckzeféieren.

De 19. September 2022 huet dësen Zuch missten aus betribliche Grënn suppriméiert ginn, dëst opgrond vun enger Barrièrestéierung zu Rolléng bei Miersch, déi den Zuchtrafic op der Linn 10 an an aus Richtung Lëtzebuerg erhiewlech gestéiert hat.

Gréisser Retarden a Suppressiounen vun enger Rei vun Zich ware bedauerlecherweis d'Konsequenzen.

Den 20. September 2022, huet dësen Zuch misste suppriméiert ginn, wéinst enger kuerzfristeger Krankmeldung vum SNCB-Lokféierer, dee fir dësen Zuch ageplangt war. Duerch dee kuerzen Délai, war et der SNCB leider net méi méiglech fir ee Remplaçant fir dësen Zuch anzesetzen.

Zënter dem 21. September 2022 ass dësen Zuch awer all Dag gefuer.

Lëtzebuerg, den 26. Oktober 2022

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch